Lacroix - sur - meuse

Éng gudd dozen Memberen vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg haten sech den Samschden 21.Abrëll 2012 zu Lacroix – sur – meuse getraff fir zesummen hirer Passioun nozekommen. d´Wieder hat sech dës Kéier net vun sénger allerbeschten Säit gewisen ewell et wor den ganzen Dag iwwer richtégt Abrëllswieder. Moies sin mir nach méi oder wéineger drëchen iwwert d´Ronnen komm mée dofir huet et Mëttes geschott ewei mat Eemeren. Och dat konnt awer net verhënneren dass mir ee flotten Dag mat ganz vill Fësch erliewt hun. Et ass erréicht déi zweeten Sortie déi eis ob dësen Site gefouert huet deen dat leschten Joër an Plaz vun les étangs de Brouennes op d´Lëscht gehol gin wor. Den Site läit an der Géigend vun Verdun, net wäit eweg vum beschtbekannten Domaine vun Sommedieue. d´ Weiheren déi gudd besat sin mat Forellen an allen Gréissten, leien matten an énger Pisciculture an loossen sech gudd mat der Méck befëschen.

Moies ewei mir ugefaangen hun wor et nach drechen, mée am Laaf vum Moien ass schon déi éng oder anner kräfteg Schauer niddergaangen an Mëttes nom Iessen sollt et dann erréicht richtég las goën.

Den Jemp huet direckt mat "honnert à l´heure" las geluecht an mir woren eis eens, dass wann Hien den nächsten Samschden beim groussen Präis vun Lëtzebuerg zu Wäisswampech kann konfirméieren, éngem gudden Ofschneiden näischt méi am Weë steet. Den Usch, deen aalen Fuus, huet sech fir unzefänken ee bëssen schwéier gedoën, mée een Luuser ewei Hien een ass, hat dun awer ganz séier den Dréih eraus an och Hien huet vill an schéin Fësch gefaangen. Den Erny wor Moies net esou richtég aus den Fiederen komm, mée knapps beim Waasser huet Hien awer alles direckt nogehol. Den Robert huet séng Fësch och gefaangen, eeh pardon ....., beim Robert hun sech och erëm ee puer Fësch selwer gefaangen !!!! an Him d´Geleenheet gin sech och ee bëssen ze defoulléieren. Den Änder huet ee bëssen missen nogehollef kréien mée no deem éngen oder annerem guddgeméngten Rot wor Hien net méi ze bremsen.

Den Yvon huet séng Kaarten net esou richtég op den Dësch geluecht mée egal wéini een sech noh Him ëmgedréihnt huet, Hien wor ëmmer am gaangen een Fësch ze drillen. Den Patrick huet den ganzen Moien geflemst an ass guer net unkomm mée ewei Hien nom Mëttegiessen den Bauch gudd voll hat, huet och Hien las geluecht. Den Fränz ass am gaangen an ganz groussen Schrëtt dobäi ze léieren, huet Hien dat leschten Joër nach séng Mécken gezappt fir ze kucken ewei se géifen am Waasser schwammen, ass Hien elo net méi ze bremsen an hëllt all déi Fësch noh déi Hien dat leschten Joër net gefaangen hat. Den Jemp, den Zweeten ewell mir hun der mëttlerweilen zwee vun déier Zort an eisen Reihen, huet säin Geschëck dat Hien bei den Bannkuren un den Dag geluecht huet och beim fëschen konfirméiert, nëmmen weider esou.

An Wien huet erëm den Vull ofgeschoss ? natirlech eisen Präsident, denn Jeek..... Hien muss jo emmer iwwerdreiwen. Fir unzefänken hat Hien een Monster drun wat eemol Keen ze gesin kritt huet ewell den Fësch nëmmen mam Jeek spazéieren gaangen ass, duerno..... Hien kann et jo net loossen ..... huet Hien eemol fir d´éischt um Jessensdësch

ofgeraumt an dun ewei Hien esou richtég gesiedegt wor huet Hien et och beim Waasser fluppen gelooss ..... den Rescht ouni Wierder.

Ah joo .... den Luss wor och dobäi mée iwwert sech selwer schwätzt een am beschten net.

Et wor alt nees een erliewnesräichen Dag ënner Kollegen beim Waasser, et huet eis un Näischt gefeelt an och wann mir d'Wieder net beanflossen konnten hun mir dësem awer getrotzt an sin räichlech dofir belount gin. Elo freën mir eis awer schon ob déi nächsten Sortie déi eis den Week – end vum 12. op den 13. Mée an d'Vogesen op den Séi vun Saulxure féiert. Elo heescht et just déi verbleiwend Zäit ze notzen fir ee bëssen Speck ofzebauen ewell an d'Vogesen fueren mir net nëmmen ..... wann och, fir ze fëschen.

MIKO